# Eist Blietchen



Foto: René Birchen

**GEMENG TANDEL**

*September 2024*

www.tandel.lu

## Administration Communale de Tandel

Bureaux : 6, Haaptstrooss
L-9350 BASTENDORF

Adresse postale :
B.P. 141 · L-9202 DIEKIRCH

**80 38 03-1**

**Nos horaires :**

**Bureau de la population**

Tél.: 803 803 - 232
E-mail: claudine.welter@tandel.lu

Du lundi au vendredi
de 08h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30

le mercredi ouvert jusqu'à 18h30

fermé le vendredi après-midi

**Service technique**

Tél. : 803 803 - 225
E-mail : technique@tandel.lu

| | |
|---|---|
| Lundi: | de 8h30 à 11h30 |
| Mardi: | de 8h30 à 11h30 et de 13h30 à 16h30 |
| Mercredi: | de 8h30 à 11h30 et de 13h30 à 16h30 |
| Jeudi: | de 8h30 à 11h30 et de 13h30 à 16h30 |
| Vendredi: | de 8h30 à 11h30 |

*Vu les interventions extérieures sur les chantiers, uniquement sur rendez-vous.*

**Secrétariat**

Tél. : 803 803 - 220
E-mail: secretariat@tandel.lu

Tél.: 803 803 - 222
E-mail: joelle.storn@tandel.lu

| | |
|---|---|
| Lundi: | de 8h30 à 11h30 et de 14h00 à 18h00 |
| Mardi: | de 8h30 à 11h30 |
| Mercredi : | de 8h30 à 11h30 |
| Jeudi: | de 8h30 à 11h30 |
| Vendredi: | de 8h30 à 11h30 |

**Recette**

Tél. : 803 803 - 230
E-mail : recette@tandel.lu

Du lundi au vendredi de 8h30 à 11h30 et de 13h30 à 16h30

# Sommaire


Léif Matbiergerinnen a Matbierger 1

**OFFIZIELLES AUS DER GEMENG**

Séance publique du 27 mai 2024 2
Ëffentlech Sëtzung vum 27. Mee 2024 6
Jugendkommissioun Gemeng Tandel 10

Mir hunn eis bestuet 11

**WAT ASS LASS AN DER GEMENG?**

Vergaangen Aktivitéiten 12
Zukünfteg Aktivitéiten 28

**TRADITIOUNEN AUS DER GEMENG**

Al Bräicher an eiser Gemeng am Laf vun de Méint 40

**KANNERSÄIT** 41

**WÉI GUTT KENNS DU DENG GEMENG?**

Wou steet dëst Bushaischen? 43
Opléisung: Hinnchen (Eist Blietchen – Juni) 44
Rätsel fir d'Kanner 45

Ecole du Goût: Die rote Bete - das Power-Gemüse 46

Fréijoersprojeten aus dem Centre Movida 48

Ee Réckbléck op eise Crèchen-Alldag 50

**BETRIBER AUS DER GEMENG STELLE SECH VIR** 51

**WEIDER INFORMATIOUNEN**

Bummelbus 55
Naturpark Our 56
Antragsformular 2025, Hecken, Uebst- an Lafbeem 58
Police 60
logement.lu 62
Resonord 63
Youth & work 64
SIDEC 66

Offallkalenner 67

Manifestatiounskalenner 68

Deng Foto als Titelsäit oder als Récksäit vun „Eisem Blietchen"? 69


De Redaktiounschluss fir déi nächst Editioun vun „Eisem Blietchen" ass de **25. Oktober 2024**.

*Schéckt eis w.e.g. bis dohinner Är Artikelen eran op info@tandel.lu.*


Mise en page et impression :
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG



# Léif Matbiergerinnen a Matbierger

Als éischt wollt ech Iech Merci soe fir dat Vertraue wat Dir mir virun engem Joer ginn hutt.

E Joer mat ville Verännerunge fir mech an och fir eis Gemeng.

Mir, de Schäffen- a Gemengerot soen och all deen Leit a Veräiner Merci, déi gehollef hunn, datt d'Feierlechkeete fir Nationalfeierdag e gelongent Fest ginn ass.

Mir hunn eng Rei Projeten, aus deene leschte Jore virugefouert a sinn och an der Endphase vu vereenzelten ukomm. Ënner anerem de Centre médical zu Furen, wou mëttlerweil 3 Generalisten deemnächst 4 an een Osteopath, e Labo an eng Kiné praktizéieren. Och fir déi restlich Reim huet eng Psychomotricienne, eng Pédicure médicale mat Institut de beauté, déi mat 3 bis 4 Leit schafft, schrëftlich zougesot.

Ausserdeem hu mir d'schrëftlich Zouso vun der Madame Ministisch Martine Deprez fir eng Apdikt dohin ze kréien. Do och e grousse Merci un d'Gemeng Bettenduerf fir hir Ënnerstëtzung. Mat hinnen, wéi och mat der Gemeng Veianen, kucke mir no Projet'en, déi mir kënnen zesumme realiséieren, fir Synergien ze notzen.

Een anere Projet ass den Ausbau vun eisem Waasserreseau. Hei soll an deenen nächsten Deeg, bis de 15. September, och de längsten Deel fäerdeg ginn an d'Verkéierssituatioun sech rëm normaliséieren. Op der Streck, Seltz-Furen, sinn da just nach kleng Chantieren.

Fir mech ee weidere wichtege Projet, dee mir nei an Ugrëff geholl hunn, ass den Ausbau vun der Maison Relais zu Tandel mat zousätzliche Reim fir d'Schoul an eng nei Crèche, sou datt d'Eltere just nach e Site mussen ufueren. Dozou gehéiert een neie Parking, dee mir als éischt realiséiere wëllen. Och d'Busgare soll vergréissert ginn.

Wéinst deene rezenten Onwiederen, déi ëmmer méi heftig ginn, si mir amgaang fir d'Iwwerschwemmungsgefor an den Dierfer ze miniméieren. Mir haten dozou scho puer gutt Gespréicher mat verschiddenen Proprietären a bauen do op eng gutt Zesummenaarbecht.

Dat hei ass just e klengen Deel vun eiser Aarbecht an Dir gesitt, et gëtt nach vill ze maachen.

Ech wënschen Iech, an de Kanner, eng gutt Rentrée an e schéinen Hierscht.

Äre Schäffen
Frank Schmit

# SÉANCE PUBLIQUE du 27 mai 2024

*(le texte français fait foi)*

Présents : tous les membres

1. **Etat des restants 2023 présenté par le receveur communal**
2. **Propositions de réaffectation de personnel enseignant :**
   **Liste 1 : 1 poste cycle 2-4 100 % 2024/2025**
   **Liste 1 : 1 poste cycle 2-4 100 % 2024/2025**
3. **Organisation scolaire provisoire 2024/2025**
4. **Décernement d'un titre honorifique**
5. **MOPO : PAP Leonardy Tandel**
6. **Autorisation de lotissement**
7. **Approbation de conventions**
8. **Approbation d'un acte notarié**
9. **Approbation d'un contrat de bail**
10. **Approbation d'un compromis de vente**
11. **Approbation devis adapté maison médicale Fouhren**
12. **Définition lieux de mariage**
13. **Octroi d'une concession au cimetière de Fouhren**
14. **Transfert crédit extraordinaire/acquisition balayeuse**
15. **Subsides extraordinaires**
16. **Resonord : délibération concordante**
17. **Approbation de règlements de circulation communaux**
18. **Fixation des taux de l'impôt foncier et de l'impôt commercial pour 2025**
19. **Huis clos : Affaires du personnel**
    **Rapports des syndicats intercommunaux**

### 1. Etat des restants à recouvrer de l'exercice 2023

Da Mota Patricia, absente excusée

Décide unanimement d'admettre

| | Serv. ord. | Serv. extr. |
|---|---|---|
| En reprises provisoires | 59.764,98 € | 39.060,00 € |
| En décharges | 12 € | 0 € |
| Total | 59.776,98 € | 39.060,00 € |

### 2. Proposition de réaffectation de personnel enseignant 1re liste 2024/2025 - 1 poste cycle 2024/2025 C2-4 à 100 % : GROSBUSCH Lisa

Da Mota Patricia, absente excusée

Donc est proposée pour la réaffectation audit poste du cycle C 2-4, 1p 100 %, 2024/2025 1re liste, comme institutrice d'enseignement fondamental pour la commune de Tandel la candidate suivante : Grosbusch Lisa, domiciliée à Bastendorf.

**2a. Proposition de réaffectation de personnel enseignant 1re liste 2024/2025 - 1 poste cycle 2024/2025 C2-4 à 100 % : MÜLLER Steve**

Da Mota Patricia, absente excusée

Donc est proposé pour la réaffectation audit poste du cycle C 2-4, 1p 100 %, 2024/2025 1re liste, comme instituteur d'enseignement fondamental pour la commune de Tandel le candidat suivant : Müller Steve, domicilié à Bettel.

**3. Organisation scolaire 2024/2025**

Approuve unanimement l'organisation scolaire pour l'année scolaire 2024/25

réservé exclusivement aux élèves de l'école fondamentale « am Brill » à Tandel

répartition des classes scolaires :

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| C1 Précoce | classe A | 14 élèves | institutrice | Urhausen Claude |
| | | | éducatrices | Goergen Mireille et Wagner Fabienne |
| C1 Précoce | classe B | 14 élèves | institutrice | Noben Mona |
| | | | éducatrice | Rieth Vanessa |
| Cycle 1 | classes 1a | 14 élèves | institutrices | Reinig Michèle et Winter Michèle |
| | 1b | 14 élèves | institutrice | Weyland Sylvie |
| | 1c | 14 élèves | institutrice | Siebenaller Suzie et Tonteling Anne |
| Cycle 2 | classes 2.1 a | 13 élèves | instituteur | Warszta Chris |
| | 2.1 b | 14 élèves | instituteur | Winckel Jeff |
| | 2.2 a | 18 élèves | institutrice | Matthys Jasmine |
| | 2.2 b | 18 élèves | institutrice | Käppeli Joanne |
| Cycle 3 | classes 3.1 a | 16 élèves | institutrices | Renckens Claudine et Mischo Cathy |
| | 3.1 b | 16 élèves | institutrice | Kohnen Carmen |
| | 3.2 a | 14 élèves | institutrice | Eicher Maryse |
| | 3.2 b | 13 élèves | institutrice | Hoffmann Kristin |
| Cycle 4 | classes 4.1 a | 19 élèves | instituteur | Munoz Joe |
| | 4.1 b | 17 élèves | instituteur | Müller Steve |
| | 4.2 a | 15 élèves | instituteur | Ihry Marc |
| | 4.2.b | 15 élèves | instituteur | Fischer Tom |

**4. Décernement d'un titre honorifique**

Le conseil communal et au nom de toute la population tient à présenter ses remerciements pour les services rendus et décide de décerner unanimement à Monsieur Ali Jean Nico Kaes de Brandenbourg le titre de Bourgmestre Honoraire de la Commune de Tandel.

**5. Approbation d'un projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier « Leonardy » à Tandel pour le compte de la sàrl RED Group de Echternach : PAP Leonardy Tandel**

Décide unanimement d'approuver ledit projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Tandel, au lieu-dit « im Thal » - intitulé « Leonardy » présenté par le collège échevinal pour le compte de la sàrl RED GROUP, tel que présenté en annexe par le bureau d'études susmentionné, ceci en conformité avec l'article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement, et charge le collège des bourgmestre et échevins de la publication prévue par l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, et de notifier l'approbation de la prédite modification ponctuelle du PAP à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en conformité avec l'article 30bis al.9 de la loi du modifiée du 19 juillet 2004 concernant

l'aménagement communal et le développement urbain.

**6. Autorisation de lotissement : Berlo Sascha et Berlo-Paulus Gabrielle**

Berlo John, absent excusé art 20. loi communale

Décide unanimement de procéder à l'autorisation de lotissement suivante :

No 14/2024 : Berlo Sascha et
Berlo-Paulus Gabrielle de Fouhren

**7. Approbation de 6 conventions**

Décide unanimement d'approuver les 6 conventions suivantes :

- la convention relative à la mise à disposition d'un bien immobilier aux fins de l'exploitation d'une centrale photovoltaïque du 22 avril 2024 entre le collège échevinal et Fouhren-Solar s.c. représentée par Kauten Paul ;
- la convention concernant l'enseignement musical 2024/2025 du 17 mai 2024 entre le collège échevinal et le Conservatoire du Nord ;
- la convention concernant les servitudes et la participation aux travaux d'infrastructures à Fouhren du 15 mai 2024 entre le collège échevinal et Betzen Nico, Hecker Richard et Müller Rainer ;
- l'avenant à la convention de base concernant le centre médical Fouhren et la salle polyvalente Bastendorf du 6 mai 2024 entre le collège échevinal et le Oeko-Service Luxembourg s.a. ;
- la convention relative au prélèvement de l'eau d'une source à Tandel du 25 mars 2024 entre le collège échevinal et l'entreprise Gillen de Tandel ;
- la convention relative à la prestation de service de transport de nuit « Night Card » du 11 mars 2024 entre le collège échevinal et l'entreprise Sales-Lentz s.a. de Bascharage ;

**8. Approbation d'un acte notarié/échange Schares**

Décide unanimement d'approuver l'acte notarié n°119/24 conclu le 2 avril 2024 avec le collège échevinal et les époux Schares-Leonardy de Bastendorf concernant un échange de deux parcelles sises à Bastendorf au lieu-dit « Haaptstrooss » section BD de Bastendorf ; à savoir 1113/4274 et 1116/4276 ;

**9. Approbation d'un contrat de bail au centre médical Fouhren/kiné**

Décide unanimement d'approuver le contrat de bail avec la dame Dimitrijevic Alexandra conclu le 25 mars 2024.

**10. Approbation d'un compromis de vente avec déclassement**

Décide unanimement d'approuver le compromis de vente du 8 avril 2024 entre le collège échevinal et la société KIMMO sàrl, représentée par Monsieur Claude Konrath au sujet d'une parcelle, section BD de Bastendorf sous le n° cad. projeté 1014/Lot 2, contenance approximative 30 ca.

**11. Approbation du devis adapté relatif au centre médical à Fouhren**

Décide unanimement d'approuver ledit devis adapté au montant total de ttc 5.079.555 € comme présenté par le bureau d'architecte SPEICHER Marc de Diekirch.

**12. Définition lieux de mariage**

Décide unanimement de désigner les lieux suivants comme locaux supplémentaires pour la célébration de mariages et de déclarations de partenariats civils (Pacs)

- Salle des fêtes et alentours à Brandenbourg
- Bettler Gare
- Gîte rural et alentours à Longsdorf (6, Marxbierg)

**13. Octroi d'une concession au cimetière de Fouhren**

Décide unanimement d'accorder à KARTHEISER Ted ci-dessus la concession mortuaire pour la tombe numéro 8 (3 emplacements en largeur) se trouvant sur le cimetière à Fouhren, ceci pour un terme de trente ans à partir de la date de la présente décision. Ladite concession est renouvelable moyennant une déclaration conservatoire à présenter au secrétariat communal de Tandel dans le délai d'un an à partir de son expiration, et elle est inscrite au nom de KARTHEISER Ted.

La présente concession est sujette au paiement d'une taxe au montant de 200,00 € au profit de la caisse communale.

### 14. Transfert crédit extraordinaire/ acquisition balayeuse

Décide unanimement de transférer 100.000 € de l'article 4/624/2211000/99001 à l'article 4/627/223210/99002, de sorte que le crédit en question s'élève en tout à 310.348,44 €

### 15. Subside extraordinaire – Jeunesse Baastenduerf

Décide avec toutes les voix d'allouer à ladite asbl Jeunesse Baastenduerf pour l'organisation de l'action de nettoiement (Grouss Botz) un appui financier extraordinaire au montant de 600 € en guise de financement des frais en relation avec cet événement.

### 16. Participation de l'Etat aux frais de fonctionnement et frais de personnel de la « Gestion locative sociale » - délibération concordante des 9 communes membres de l'Office social RESONORD

Décide avec toutes les voix :

1. de déclarer la situation actuelle incompatible avec une gestion financière saine et supportable pour les finances communales ;
2. de solliciter un co-financement de la part des ministères concernés aux frais de fonctionnement et aux frais de personnel à raison de 50% de la Gestion locative sociale.

### 17. Approbation d'un règlement de circulation

Décide avec toutes les voix de confirmer le règlement de circulation concernant le chantier entre Tandel et Fouhren.

### 18. Fixation des taux multiplicateurs pour 2025 en matière d'impôt foncier art. 2/170/707110/99001 et en matière d'impôt commercial art. 2/170/707120/99001 sur les bénéfices et capital d'exploitation

Décide de fixer pour l'année d'imposition 2025 les taux suivants en matière d'impôts foncier et commercial :

- impôt foncier A : 275 % (deux cent soixante-quinze)
- impôt foncier B : 275 % (deux cent soixante-quinze)
- impôt commercial : 275 % (deux cent soixante-quinze),
- d'imputer la recette de l'impôt foncier A & B sur l'article 2/170/707110/99001 avec une recette estimée de 62.500,00 €
- d'imputer la recette de l'impôt commercial sur l'article 2/170/707120/99001 avec une recette estimée de 8.000,00 €

### 19. Création d'un poste d'employé communal au service technique dans le groupe d'indemnité A1

Décide unanimement de créer un poste d'employé communal à plein temps et à durée indéterminée dans le groupe d'indemnité A1 pour les besoins du service technique communal.

Les rapports des syndicats intercommunaux sont présentés en bref par les délégués respectifs.



Foto: Simon Larissa

# ËFFENTLECH SËTZUNG vum 27. Mee 2024

Present: all Memberen

1. **Etat des restants 2023 virgestallt vum Receveur**
2. **Propositioune fir d'Réaffectatioun vum Léierpersonal:**
   **Lëscht 1: 1 Posten Cycle 2-4 100% 2024/2025**
   **Lëscht 1: 1 Posten Cycle 2-4 100% 2024/2025**
3. **Provisorësch Schoulorganisatioun 2024/2025**
4. **Titel vum Éierebuergermeeschter**
5. **MOPO: PAP Leonardy Tandel**
6. **Autorisation de lotissement**
7. **Approbatioun vu verschidde Konventiounen**
8. **Approbatioun vun engem acte notarié**
9. **Approbatioun vun engem contrat de bail**
10. **Approbatioun vun engem compromis de vente**
11. **Approbatioun vum adaptéierten Devis fir de Centre médical Furen**
12. **Définitioun vu verschidden Hochzäitsplazen**
13. **Erdeele vun enger Konzessioun um Kierfecht zu Furen**
14. **Transfert vun engem Crédit extraordinaire/Uschafe vun enger Kiermaschinne**
15. **Extraordinär Subsiden**
16. **Resonord : délibération concordante**
17. **Approbatioun vun engem Verkéiersreglement**
18. **Festleeë vum taux de l'impôt foncier an impôt commercial fir 2025**
19. **Huis clos : Affaires du personnel**
    **Rapport vun den intercommunale Syndicater**

### 1. État des restants à recouvrer de l'exercice 2023

Da Mota Patricia, entschëllegt.

Den État des restants vun 2023 gëtt unanime ugeholl:

| | Serv. ord. | Serv. extr. |
|---|---|---|
| En reprises provisoires | 59.764,98 € | 39.060,00 € |
| En décharges | 12 € | 0 € |
| Total | 59.776,98 € | 39.060,00 € |

### 2. Propositioun fir d'Réaffectatioun vum Léierperonal 1. Lëscht 2024/2025 - 1 Posten cycle 2024/2025 C2-4 à 100%: GROSBUSCH Lisa

Da Mota Patricia, entschëllegt.

Follgende Kandidat gëtt als Enseignant fir op de Poste vum Cycle C 2-4, 1p 100%, 2024/2025 1. Lëscht fir d'Grondschoul vun der Gemeng Tandel virgeschloen:

Mme Grosbusch Lisa vu Baastenduerf.

**2a. Propositioun fir d'réaffectatioun de personnel vum Léierperonal 1. Lëscht 2024/2025 - 1 Posten cycle 2024/2025 C2-4 à 100%: MÜLLER Steve**

Da Mota Patricia, entschëllegt.

Follgende Kandidat gëtt als Enseignant fir op de Poste vum Cycle C 2-4, 1p 100%, 2024/2025 1. Lëscht fir d'Grondschoul vun der Gemeng Tandel virgeschloen: M. Müller Steve vu Bettel.

**3. Schoulorganisatioun 2024/2025**

D'Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2024/2025 fir d'Grondschoul zu Tandel „am Brill" gëtt unanime ugeholl.

Opdeelung vun de Klassen:

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| C1 Précoce | Klass A | 14 Schüler | Joffer | Urhausen Claude |
| | | | Educatricen | Goergen Mireille a Wagner Fabienne |
| C1 Précoce | Klass B | 14 Schüler | Joffer | Noben Mona |
| | | | Educatrice | Rieth Vanessa |
| Cycle 1 | Klassen 1a | 14 Schüler | Jofferen | Reinig Michèle a Winter Michèle |
| | 1b | 14 Schüler | Joffer | Weyland Sylvie |
| | 1c | 14 Schüler | Jofferen | Siebenaller Suzie an Tonteling Anne |
| Cycle 2 | Klassen 2.1 a | 13 Schüler | Schoulmeeschter | Warszta Chris |
| | 2.1 b | 14 Schüler | Schoulmeeschter | Winckel Jeff |
| | 2.2 a | 18 Schüler | Joffer | Matthys Jasmine |
| | 2.2 b | 18 Schüler | Joffer | Käppeli Joanne |
| Cycle 3 | Klassen 3.1 a | 16 Schüler | Jofferen | Renckens Claudine a Mischo Cathy |
| | 3.1 b | 16 Schüler | Joffer | Kohnen Carmen |
| | 3.2 a | 14 Schüler | Joffer | Eicher Maryse |
| | 3.2 b | 13 Schüler | Joffer | Hoffmann Kristin |
| Cycle 4 | Klassen 4.1 a | 19 Schüler | Schoulmeeschter | Munoz Joe |
| | 4.1 b | 17 Schüler | Schoulmeeschter | Müller Steve |
| | 4.2 a | 15 Schüler | Schoulmeeschter | Ihry Marc |
| | 4.2.b | 16 Schüler | Schoulmeeschter | Fischer Tom |

**4. Titel vum Éierebuergermeeschter**

De Gemengerot seet am Numm vun all Awunner Merci fir alles, wat de M. Kaes fir d'Gemeng geleescht huet an decidéiert unanime fir dem Monsieur Ali Jean Nico Kaes vu Branebuerg den Titel vum Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Tandel ze ginn.

**5. Approbatioun vun engem Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement particulier „Leonardy" zu Tandel fir sàrl RED Group de Echternach : PAP Leonardy Tandel**

Et gëtt unanime entscheed, de Projet vun der punktueller Modifikatioun vum Plan d'aménagement particulier zu Tandel am lieu-dit «im Thal» - bezeechent „Leonardy" vum Schäfferot am Numm vun der Sàrl RED GROUP presentéiert, unzehuelen. Detailer vum Gesetzestext an der originaler Délibératioun (franséischen Text).

**6. Autorisation de lotissement : Berlo Sascha et Berlo-Paulus Gabrielle**

Berlo John, entschëllegt, art 20. Gemengegesetz.

Follgend Autorisation de lotissement gëtt unanime ugeholl:

No 14/2024:
Berlo Sascha a Berlo-Paulus
Gabrielle vu Furen

### 7. Approbatioun vu 6 Konventiounen

Follgend 6 Konventioune ginn unanime ugeholl:

- D'Konventioun betreffend d'Mise à diposition vun engem Gebai fir de Fonctionnement vun enger Photovoltaikanlag vum 22. Abrëll 2024 tëscht dem Schäfferot a Fouhren-Solar s.c. representéiert duerch de M. Kauten Paul;
- D'Konventioun betreffend den Enseignement musical 2024/2025 vum 17. Mee 2024 tëscht dem Schäfferot an dem Conservatoire du Nord;
- D'Konventioun betreffend d'Servituden an d'Bedeelegung un den Infrastrukturaarbechten zu Furen vum 15. Mee 2024 tëscht dem Schäfferot an dem M. Betzen Nico, M. Hecker Richard an M. Müller Rainer;
- Den Avenant zu Konventioun betreffend de Centre médical Furen an d'Salle polyvalente Baastenduerf vum 6. Mee 2024 tëscht dem Schäfferot an dem Oeko-Service Luxembourg s.a.;
- D'Konventioun betreffend d'Notze vu Waasser aus enger Quell zu Tandel vum 25. Mäerz 2024 tëscht dem Schäfferot an der Firma Gillen vun Tandel;
- D'Konventioun betreffend d'Bereetstellung vum Service „Night Card" vum 11. Mäerz 2024 tëscht dem Schäfferot an der Firma Sales-Lentz s.a.;

### 8. Approbatioun vun engem acte notarié/ échange Schares

Den acte notarié n°119/24 vum 2. Abrëll 2024 vum Schäfferot an der Fam. Schares-Leonardy vu Baastenduerf betreffend een Tosch vun zwou Parzellen zu Baastenduerf um lieu-dit „Haaptstrooss" section BD de Bastendorf; 1113/4274 et 1116/4276; gëtt unanime ugeholl.

### 9. Approbatioun vun engem Contrat de bail am Centre médical Furen / Kiné

De Contrat de bail mat der Mme Dimitrijevic Alexandra, ënnerschriwwen de 25. Mäerz 2024, gëtt unanime ugeholl.

### 10. Approbatioun vun engem Compromis de vente mat Déclassement

De Compromis de vente vum 8. Abrëll 2024 tëscht dem Schäfferot a KIMMO sàrl, vertrueden duerch de M. Claude Konrath betreffend eng Parzell, section BD de Bastendorf, n° cad. projeté 1014/Lot 2, gëtt unanime ugeholl.

### 11. Approbatioun vum adaptéierten Devis fir de Centre médical Furen

Den adaptéierten Devis mat engem Montant vun 5.079.555 € ttc gëtt, wéi vum Bureau d'architecte SPEICHER Marc vun Dikrech presentéiert, unanime ugeholl.

### 12. Définitioun vu verschidden Hochzäitsplazen

Et gëtt unanime entscheet follgend Plazen als zousätzlech Hochzäitsplazen fir d'Zeremonie vun Hochzäiten oder PACS'en ze definéieren:

- De Festsall an d'Alentouren zu Branebuerg
- D'Bettler Gare
- D'Gîte rural an d'Alentouren zu Longsduerf (6, Marxbierg)

### 13. Erdeele vun enger Konzessioun um Kierfecht zu Furen

Et gëtt unanime entscheet, dem M. KARTHEISER Ted eng Konzessioun fir d' Graf Nummer 8 (3 Plazen an der Breet) um Kierfecht zu Furen, ze erdeelen. Dëst fir eng Dauer vun 30 Joer ab dem Datum vun dëser Decisioun. Dës Konzessioun ka verlängert ginn duerch eng Deklaratioun um Sekretariat vun der Gemeng Tandel, an dëst an engem Delai vun engem Joer no der Expiratioun. Si gëtt ageschriwwen op den Numm KARTHEISER Ted.Dës Konzessioun ënnerläit enger Taxe vun 200,00 €.

### 14. Transfert vun engem crédit extraordinaire/Uschafe vun enger Kiermaschinne

Den Transfert vun 100.000 € vum Artikel 4/624/2211000/99001 op den Artikel 4/627/223210/99002, gëtt unanime gestëmmt, sou dat de betreffende Crédit e Montant vun 310.348,44 € kritt.

### 15. Extraordinäre Subside – Jeunesse Baastenduerf

Et gëtt unanime ugeholl der asbl Jeunesse Baastenduerf fir d'Organisatioun vun der Grouss Botz een extraordinäre Subside vu 600 € ze accordéieren.

**16. Participatioun vum Staat un de Fonctionnementskäschten an de Personalkäschten vun der „Gestion locative sociale“ - délibération concordante des 9 communes membres de l’Office social RESONORD**

Et gëtt unanime ugeholl:

1. déi aktuell Situatioun mat enger gesonder an nohalteger Finanzgestioun vun de Gemengefinanzen inkompatibel ze erklären;
2. d’Co-Finanzéierung vun de concernéierte Ministère fir Fonctionnementskäschten a Personalkäschte vun der Gestion locative sociale mat engem Taux vu 50% ze froen.

**17. Approbatioun vun engem Verkéiersreglement**

E Verkéiersreglement betreffend de Chantier tëscht Tandel a Furen gëtt unanime ugeholl.

**18. Festleeën vum taux de l’impôt foncier an impôt commercial fir 2025**

Den Taux d’impôts foncier et commercial fir d’Steierjoer 2025 gëtt unanime ugeholl.

Detailer an der originaler Delibératioun (franséischen Text)

**19. Schaafe vun engem Posten: Employé communal fir de Service technique am Groupe d’indemnité A1**

D’Schafe vu follgendem Poste gëtt unanime gestëmmt:

Employé communal fir de Service technique am Groupe d’indemnité A1

D’Rapport’e vun de verschiddenen interkommunale Syndicat’e gi vun de jeeweilege Vertrieder gemaach.



Foto: René Birchen

# Jugendkommissioun Gemeng Tandel


De Fokus vun der Jugendkommissioun vun der Gemeng Tandel läit op den Interessen a Bedürfnisser vu jonke Mënschen tëscht 12 an 18 Joer. Mir wëllen deene Jonke berodend a mat Informatiounen zur Säit stoen.

An Zesummenaarbecht mat de verschiddene Veräiner vun eiser Gemeng wëlle mir versichen ze weise wéi villfälteg d'Offer ass a wéi eis Jonk am beschten dovu kënne profitéieren.


De Moment beschäftege mir eis vill mam Thema „Medien, déi eis Jonk benotzen".

Mir si via Instagram **jugendkommissioun_gemengtandel**
a Mail: **jugendkommissiountandel@gmail.com** ze erreechen.

D'Jugendkommissioun, déi aktuell aus 4 Membere besteet, trëfft sech ongeféier all 6 Wochen.



**Berlo John**
gebuer 2000 a wunnen zu Furen. A menger Fräizäit ginn ech menger Tätegkeet als Gemengeconseiller no an ech engagéiere mech vill an der Landjugend Furen.



Ech sinn de **Jil** a wunnen zu Walsduerf. Ech si Bauer a schaffen am Soziale Beräich. A menger Fräizäit sinn ech an der Landjugend Furen an an der Jeunesse Baastenduerf aktiv.



Ech sinn den **Henri** a wunnen zu Bastenduerf. A menger Fräizäit sinn ech an der Landjugend Furen an am Theaterverein Bleesdaller Dunnenkëscht aktiv.



**Wüstner Kristina**, wohne in der Gemeinde Tandel, bin Erzieherin und Orthophoniste. Ich habe 3 Mädchen (27, 14, 12). In meiner Freizeit helfe ich in der Bastendorfer Musik, gehe gerne reiten und ich liebe Wassersport.

Wéi dir richteg erkannt hutt, si mir Membere selwer scho méi oder manner laang aus der Alterskategorie „Jugendlech" erausgewuess.

Dofir ass et eis wichteg an een direkten an éierlechen Austausch mat de Jonken ze kommen. Mir haten do un een Treffe geduecht fir eis ënnertenee besser kennen ze léieren.

Well mir net wëllen ouni iech plangen an et eis wierklech interesséiert, wat dir ze soen hutt a wat dir braucht, invitéiere mir iech ganz häerzlech Freides, de **25ten Oktober 2024 um18:30 op Furen** an de neie Festsall ze kommen.

Fir Snacke a Gedrénks *(keen Alkohol)* gëtt vun eis gesuergt.

Fir besser kënnen ze plange wier et schéin, wann dir iech mat **Numm, Virnumm, Gebuertsjoer an Adress** op **jugendkommissiountandel@gmail.com** kéint umelle bis den 18.10.24.

Mir freeën eis op iech a si gespaant op eng spannend Zäit zesummen.

# Mir hunn eis bestuet

6.6.2024

Mike WEBER & Tania PELAIÉ

18.6.2024

Nëckel FREDERES & Conny KOOB









28.6.2024

Jerry MILDENBERGER & Anne-Marie PÜTZ

20.7.2024

Libasse NDIAYE & Avelina NEVES LOPES

# Theater Bleesdaller Dunnekëscht

09.03.
2024

Bleesdaller Dunnekëscht ass een Theaterveräin aus der Gemeng Tandel, deen den 4. Oktober 2012 gegrënnt ginn ass, an säit elo 12 Joer Iech all, op Grouss oder Kleng, op Al oder Jonk, aus der Gemeng an Emgeigend, probéiert een onvergiesslechen Owend mat vill Spaass an Humor ze bereeden.

Mir stinn alleguerten mat Häerz an Séil op der Bühn, an hoffen och erem am nächste Joer Leit ze begréissen an ze begeeschteren wann et rem heescht:

**Rido op mat der Bleesdaller Dunnekëscht.**









WAT ASS LASS












# Polarliichter

11.05.
2024

WAT ASS LASS



Foto: René Birchen



Foto: Wendy Lutty-Parracho

An der Nuecht vum 11. Mee konnt een och hei zu Lëtzebuerg een aussergewéinleche Spektakel beobachten: d'Polarliichter.

Ursaach fir dësen Naturphänomen si staark Sonnestierm, déi op d'Magnéitfeld vun der Äerd treffen.

Mir haten een Opruff gemaach, eis Är Foto'en vun de Polarliichter ze schécken.

Mir soen Iech all Merci fir d'Matmaachen.



Foto: Saskia Grüneisen



Foto: René



Foto: Daniel Schroeder







Foto: Joshua Junius

# Generalversammlung vun der Baastenduerfer Musik

16.06.
2024




*Concert zu Longsdref*

## Mol eng Kéier anëscht

Den 16. Juni 2024, huet d Baastenduerfer Musik hir Generalversammlung kombinéiert mat engem Familljefest ofgehalen.

An engem spezielle Kader ass de President a senger Usprooch réckbléckend op déi verschidden Aktivitéiten agaangen, woubäi speziell de Galaconcert bäim Zaapert an de Wanterconcert an der Kierch zu Baastenduerf ervirstiechen.

Neewend enger Rei offizieller Optrëtter an der Gemeng stungen Concert'en um Wäifest, op der Bettlergare, zu Veinen, zu Réimich um Wëngertslaf souwéi e Concert um Helperknapp um Programm. Net ze vergiessen eis Hämmelsmärsch an deenen aacht Dierfer.

De Veräin, ënnert der Leedung vum Maxim Volgin besteet zur Zäit aus 38 aktive Musikanten.

An Zesummenaarbecht mat der Union Grand-Duc Adolphe gin Solfège- an Instrumentecoursen gratis ugebueden. De Keessier, deen e korrekten an detailléierten Keessebericht virgeluecht huet, ass op déi eenzel Recetten agangen, woubäi de Kiermesméindigowend zu Baastenduerf, d'Hämmelsmärsch an déi verschidden Concerten ervirstiechen. Déi gréissten Ausgaben betreffen de Salaire vum Dirigent, d'Reparaturen an d'Uschaafen vun Instrumenter souwéi Partituren. Bedéngt duerch eng ganz Rei vun Sponsoren konnt d'Veräinskeess am Gläichgewiicht gehale gin. Ervirzehiewen bleiwt datt de gréissten Deel vun de Recetten vum Wanterconcert fir e guden Zweck gespend gouf.





Als Ofschloss vum offiziellen Deel huet d'Buergermeeschtesch Carole Gils a Begleedung vum Marc Roeder, dem Veräin hir voll Ënnerstëtzung zougesot, dëst souwuel finanziell wéi och wat zur Verfügungstellen vun den néidigen Räimlichkeeten fir de Musiksunterricht wéi och fir Concert'en betrëfft. No engem oprichtgen Merci fir der Musik hiert Engagement bäi allen offiziellen Optrëtter an der Gemeng, ass et dunn lues op deen kulinarischen Deel iwwergangen.

Bäi engem gudde Maufel an deem engen oder anere Patt, ass gemeinsam un de nächsten Projet'en gefeilt gin.

Dir spillt oder huet en Instrument gespillt- dir sidd interesséiert Musik ze léieren- dir wëllt Iech an eisem Veräin engagéieren- dann zéckt net

Baastenduerfer Musik a.s.b.l.
President: Miller Léon
Tel: 691 820 317 | millerle@pt.lu







# Vir-Virowend vun Nationalfeierdag an der Gemeng Tandel

**21.06. 2024**





Freides, den 21. Juni 2024 hunn d'Festivitéite fir Nationalfeierdag an der Gemeng um Schoulcampus „Am Brill" zu Tandel stattfonnt.

Um 18 Auer war et lass gaang mam After-work, duerno si mir zesummen an den Te Deum gaang, dee gehale gouf vum Här Jeannot Gillen a vum Här Vincent de Smet mat musikalischer Ënnerstëtzung vun der Baastenduerfer Musik a mam Sängerbond Helvetia.

Duerno huet d'Buergermeeschtesch hir Usprooch gehal, wou si och d'Geleeënheet hat den Här Ali Kaes als Éierebuergermeeschter auszezeechnen souwéi vill engagéiert Musikanten eng Médaille fir hiren Engagement an der Baastenduerf Musik iwwerreechen. Ënnert de Bierger goufen der och honoréiert fir eng speziell Leeschtung, déi si d'lescht Joer vollbruecht hunn, wéi zb am Sport oder den éischte Gewënner vun der Science-Show Take off, mee ënnert hinne waren och d'Tandeler Kanner déi säit puer Joer schonn hir Sue vum Lichten, Heeschen a Klibbere sammele fir e Kand mat enger Behënnerung ze ënnerstëtzen. D'Kanner vu Baastenduerf hunn och hir Sue vum Klibbere gespent un d'Fleegestatioun fir wëll Déieren.











No der offizieller Zeremonie konnten déi vill Leit, déi de Wee op Tandel fonnt haten, puer gemittlech Stonnen do verbréngen. D'Veräiner hunn sech em d'Gedrénks an d'Iesse gekëmmert. Fir d'Kanner gouf et och Animatioun vun der Crèche an der Maison Relais, sou wéi e Sprangschlass. Musikalisch huet den Owend ugefaang mat engem Concert vun der Baastenduerfer Musik an duerno hunn „Les Gavroches" iwwerholl.

Mir soen all de Leit nach eng Kéier e spezielle Merci, déi gehollef hunn, datt dëst Fest an eng neier Form konnt stattfannen an hoffen datt mir d'nächst Joer och op Iech ziele kënnen. Soudatt mir rëm vill Leit bei eise Festivitéite begréisse kënnen.



























# Argentinier auf den Spuren ihrer Vorfahren

**22.06. 2024**



Foto: Nico Muller

*Ein herzlicher Empfang*



*Das Wappen der Gemeinde Estancia Grande Yerua, ein Gastgeschenk an die Gemeinde Tandel*

WAT ASS LASS

In der Woche vor Nationalfeiertag war eine zwölfköpfige argentinische Delegation in Luxemburg auf Spurensuche ihrer luxemburgischen Vorfahren. Begleitet wurden sie während ihres Aufenthalts von Tom Diederich aus Fouhren, der sich seit längerer Zeit intensiv mit der Geschichte der Luxemburger Argentinienauswanderer beschäftigt. Am 22. Juni fand in Fouhren im Festsaal ein offizieller Empfang seitens der Verantwortlichen der Gemeinde Tandel statt. Hierbei überreichten die Besucher eine schriftliche Anfrage an die Bürgermeisterin Carole Gils, im Hinblick auf eine Partnerschaft zwischen der argentinischen Gemeinde Estancia Grande Yerua und der Gemeinde Tandel.

Vorstellung des Buches **Luxembourgeois en Argentine – Histoire d'une migration humaine**

von Pablo Mariano Russo und Thomas Armand Diederich

## Kurzer Rückblick auf die Auswanderer aus der früheren Fouhrener Gemeinde.

Vor dem Aufschwung der Stahlindustrie in der zweiten Hälfte des 19. Jahrhunderts, war Luxemburg ein armes, ländlich geprägtes Land. Getrieben von der Hoffnung auf ein besseres Leben in einem anderen Land verließen viele Luxemburger ihre Heimat. So zog es bis zum Ersten Weltkrieg viele nach Übersee: Vereinigte Staaten, Brasilien, Argentinien, ...

Angelockt von dem Versprechen auf gutes und im Überfluss vorhandenes Ackerland zog es u.a. um 1890 viele Luxemburger Bauern, unter ihnen auch einige Familien aus der damaligen Fouhrener Gemeinde in das Land am Rio de la Plata.

Einige namentlich bekannte Auswandererfamilie aus unseren Dörfern, von deren Nachkommen leider niemand in der zwölfköpfigen Besuchergruppe vertreten war, seien hier erwähnt:

Die Familie **Michel Schaltz** aus Bettel aus dem Haus „a Fréizen" *(Rickal)* reiste am 12. Februar 1890 nach Argentinien ab. Michel Schaltz war der älteste Sohn von Schaltz Peter (* 29.7.1804 in Bettel / ✝ 17.12.1866 in Bettel) und Grasser Susanna (* 16.4.1809 in Fels / ✝ 19.6.1877 in Bettel).



*Bürgermeisterin Carole Gils, Tom Diederich und Hector Luis Fischbach*

Michel Schaltz (* 9.1.1835) heiratete Bastendorff Barbara (* 29.3.1851) aus Fouhren. Vor seiner Auswanderung wohnte er in Petingen, wo er als Eisenbahnangestellter beschäftigt war.

Pfarrer Nik. Schwebag nennt in seinem 1909 erschienen Heftchen *„Ansiedelung unserer Luxemburger in Argentinien“* die Namen von einigen Kolonisten, unter ihnen Michel Schaltz aus Bettel, der sich mit seiner Familie in der Provinz Entre Rios, jenseits des Parana angesiedelt hatte.

**Bamberg Peter** aus Bettel reiste am 2.12.1888 nach Bordeaux. Mit dem Postdampfer „Portugal“ ging dann die Reise am 5. Dezember 1888 weiter nach Buenos Aires. Peter Bamberg war der Sohn von Bamberg Johann Peter aus Hinkel (✞ 2.4.1868 in Bettel) und Schaltz Anna, Schwester von Schaltz Michel (* 4.5.1840 / ✞ 27.1.1915 Bettel). Das Ehepaar Bamberg erbaute das Haus Weber (Eifes) in Bettel. Sohn Peter Bamberg wirkte während 2 Jahren als Lehrer in Holzthum, 4 Jahren in Kautenbach und 1 Jahr in Remerschen. Anfang 1889 wurde er Lehrer in der luxemburgischen Kolonie San Antonio de Iraola. Im Luxemburger Volksblättchen vom 24.3.1889 empfahl er jedoch allen auswanderungslustigen Landsleuten *abzuwarten, bis sie nähere Ausschlüsse von den eigenen Angehörigen erhalten haben. Man bleibt also zu Hause*.

Die Versprechen, die man den Kolonisten in Luxemburg gemacht hatte, entsprachen in den meisten Fällen keineswegs deren Erwartungen. Neben Krankheiten und rauem Klima, wurden die Einwanderer vielfach nicht als freie Leute behandelt, sondern eher als Sklaven. 1890 wurde Lehrer Bamberg zusammen mit Pfarrer Schwebag beauftragt eine neue Niederlassung für die Kolonisten zu suchen. Man entschied sich dann für Entre Rios in der Nähe der Städte Concordia und Salto am Fluss Uruguay.

Später zog Peter Bamberg nach Chicago zu seinem Bruder Johann Peter, wo er bis zu seinem Lebensende weilte. Der 22-jährige Johann Peter Bamberg verließ am 19.2.1887 Antwerpen mit dem Postdampfer „Westernland“ der Red Star Line Richtung Amerika (Chicago), begleitet von Wilhelm Waxweiler (18 J.) (Chicago) und Nic. Reger (24 J.), der in New York blieb.

Zur gleichen Zeit wie die Familie Schaltz, schifften sich für die gleiche Reise, **Reiter Philippe** (* 19.6.1836) aus Bettel, aus dem heutigen Haus *Haentges* und Mathias Findling aus Fouhren ein. Philippe Reiter heiratete am 12.2.1881 Schaltz Susanna (* 21.4.1848 in Bettel / ✞ 30.06.1867 in Bettel). Susanna Schaltz war die Schwester von Michel Schaltz. Wann Philippe Reiter zurück nach Bettel kam ist nicht gewusst. Er starb am 10.4.1908 in Bettel.

**Mathias Findling** wurde am 30.3.1852 in Fouhren als Sohn von Nicolas Findling aus Bettendorf und Turmes Anna Maria aus Hosingen geboren. Das Geburtshaus befand sich zwischen dem heutigen Haus Schank und Haus Santiago op Faeschent. Nach dem Krieg wurde das Haus nicht mehr aufgebaut und der letzte Bewohner Edert Nik übernahm das Wirtshaus gegenüber der Fouhrener Schule. Mathias Findling verließ seine Heimat zusammen mit der Familie Schaltz und Reiter Philippe aus Bettel. *(siehe vorherigen Abschnitt)*.

Im Jahre 1890 wanderte die Familie **Nicolas Eiffes-Kneip** mitsamt ihrer 6 Kinder im Alter zwischen 1 und 10 Jahren nach Argentinien aus und ließ sich dort in Venado Puerto nieder. Dort wurde 1891 ihre jüngste Tochter Marie Anne geboren. Begleitet wurden sie von der Mutter Eiffes Marie und deren Ehemann Grün Nicolas aus Bekond in der Nähe von Trier.



*Die argentinischen Besucher*



*Hector Luis Fischbach (l) Tom Diederich (M) Lucas Risso Hellers (r)*

Nicolas Eiffes (* 23.4.1856 Longsdorf / ✝ 26.1.1922 Fouhren) war der natürliche Sohn von Eiffes Marie (* 26.3.1835 in Longsdorf / ✝ 11.03.1908 Fouhren)

Nicolas Eiffes heiratete am 15.7.1854 Kneip Barbara aus Moestroff. Die Familie wohnte in Fouhren im „Heentzenhaus". Dieses Haus befand sich gegenüber vom heutigen Haus Zewen. Im Zweiten Weltkrieg war das Gebäude derart baufällig, dass es abgerissen wurde.

*Eiffes Nicolas*
* 13.07.1880

*Eiffes Marie*
* 29.09.1881 ✝ vor 1939
oo 1906 Cornélis Emile, Montignies/Sambre (B)

*Eiffes Michel Henri*
* 09.06.1883 Fouhren ✝ 16.05.1939 Fouhren

*Eiffes Pierre*
* 17.03.1885 oo Bensy, Argentinien

*Eiffes Eugenie*
* 12.03.1887 Fouhren ✝ 20.05.1967 Fouhren
oo 1922 Heintz Frantz aus Bastendorf

*Eiffes Marguerite*
* 20.04.1889 Fouhren ✝ 24.12.1966 Bonnevoie
oo 1913 Manderscheid Léon * 25.8.1888 Bettel
✝ 31.12.1964 Luxemburg

*Eiffes Marie Anne*
* 22.11.1891 Venato Puerto, Argentinien
✝ 28.2.1961 Fouhren
oo 18.04.1917 Schank Jean * 16.10.1889
✝ 07.09.1983

Wann Eiffes Nicolas mit einigen seiner Familienmitglieder zurück nach Fouhren kam, ist nicht gewusst. Um 1900 wurde er als Besitzer des „Heentzenhauses" genannt. Die Tochter Eiffes Eugenie heiratete 1922 Heintz François aus Bastendorf und Eiffes Marie-Anne 1917 Schank Jean (Schreiner Jeng) aus Fouhren.

Während des Zweiten Weltkriegs lebte die Familie Heintz in einem Nebengebäude, da das Haupthaus sehr baufällig war und auf Anordnung der Straßenbauverwaltung abgerissen werden musste. Nach dem Krieg wohnten sie dann im „Schneddeschhaff" (Hof gegenüber vom Haus Jans) zusammen mit Joseph Sadler, der hier das Gemeindesekretariat führte, neben seiner Tätigkeit als Lehrer.

Nach dem Krieg errichtete dann „Heentze Franz" das heutige Haus Van den Heuvel.


Lokal-Neuigkeiten.
**Luxemburg**, 15. Febr. Mittheilung der General-Agentur Derulle-Wigreux u. Sohn in Luxemburg:
Am 12. Febr. reisten nachstehende Luxemburger ab, um mit dem am 14. Febr. von Antwerpen abfahrenden Postdampfer „München" vom Norddeutschen Lloyd sich nach Buenos-Ayres einzuschiffen:
Michel Schalz, 54 J. a., Barbara Bastendorf, 38 J. a., Anna Schalz, 13 J. a., Marie Schalz, 9 J. a., Helene Schalz, 5 J. a., Margarethe Schalz, 2 J. a., Philipp Reiter, 52 J. a., Mathias Findling, 40 J. a., alle 8 a. Bettel, n. San Ditome.

*Luxemburger Wort*
*Montag*
*17. Februar 1890*


*Rechts auf dem Bild befindet sich das Haus Bamberg, später Haus Weber (Eifes). Links das alte Schulgebäude.*


*Der Schneddeschhaff (Zeichnung Oscar Leonardy, Lehrer in Fouhren 1947-1985)*

**Faltz Mathias** und **Weiland Jakob**, beide aus Fouhren, nahmen am 2. März 1889 in Luxemburg den Zug nach Antwerpen. Hier schifften sie sich auf dem Dampfer „Köln" ein und verließen am 4. März 1889 den Hafen in Richtung Buenos Aires.

Mathias Faltz wurde am 29.12.1837 in Gilsdorf geboren. Sein Bruder Johann Faltz und dessen Ehefrau Marie Cloos, beide aus Gilsdorf wurden um 1877 Besitzer des heutigen Hauses Ley-Theis in Fouhren. Mathias Faltz starb am 22. Mai 1911 in Fouhren.

Jakob Weiland war der älteste Sohn von Weiland Jakob und Ernzen Maria aus dem heutigen Haus Schroeder Daniel in Fouhren. Der Aufenthalt in Argentinien kann jedoch nur von kurzer Dauer gewesen sein. Jakob Weiland heiratete 1895 Reckinger Maria aus Waldbillig. Er starb am 30 März 1925 im Alter von 61 Jahren in Esch/Alzette.

*(Quellen: Luxemburger Wort, www. eluxemburgensia.lu, www.luxroots.lu, www.matricula.lu)*



WAT ASS LASS

# Abschid vun eisem Kaploun

07.07.
2024



Eise Kaploun, den Här Vincent de Smet muss eis Par Mëtt September verloosse fir eng nei Aufgab, déi hie vum Kardinol Jean-Claude Hollerich kritt huet.

Sonndes, de 07. Juli 2024 war d'Ofschlossmass vun der Katechese zu Baastenduerf an der Kierch an zäitlech och säin Abschid.

No der Mass huet d'Gemeng am Festsall een Éierewäin offréiert.

Mir soen dem Här Vincent de Smet Merci fir säin Engagement an der Kierch an an der Katechese a wënschen him vill Erfolleg op senger neie Platz a der neier Par zu Sandweiler.









# Studierees mam Naturpark op Chaumont-sur-Loire

23.07.-25.07.2024



Den Naturpark Our hat zesumme mat den Naturparke Mëllerdall an Uewersauer vum 23. bis de 25. Juli eng Studierees op Chaumont-sur-Loire a Frankräich organiséiert.

Um Programm stoung d'Visite vum „Festival international des Jardins" um Domaine vum Schlass zu Chaumont-sur-Loire.

Nieft enger Rei permanenter Gäert steet d'Editioun 2024 ënnert dem Thema „Jardin: Source de vie".

Ronn 25 Gäert si vu Gardekënschtler aus der ganzer Welt konzipéiert an ugeluecht ginn, an et gi Präisser a verschiddenen Kategorië vum Jury verginn.

Méi wéi 900 Gäert si sou säit 1992 gestalt ginn.

Nieft enger Visite vum Schlass stoung och nach en Tour mat den traditionelle Booter op der Loire um Programm an um Heemwee gouf en Tëschestopp an der Stad Troyes gemaach.

Et ass op jidde Fall eng Visite wäert an de Festival kann nach bis den 3. November 2024 besicht ginn.

E grousse Merci un déi responsabel Organisateure vun dëser flotter an interessanter Rees.















APEEPP TANDEL

**28.06. 2024**





## *Wat war bei eis lass:*

D'Schouljoer ass eriwwer a soumat hu mir eist traditionellt Schoulfest ënnert dem Moto **Olympia Showfest – derbäi sinn ass alles** – gefeiert. Zesumme mat dem **Léierpersonal** an awer och mat verschiddenen **Sportsveräiner** aus der Ëmgéigend (CHEV Handball a Basketball Dikrech, FC 47 Baastenduerf, Karate Club Tanuki Housen, Schachclub Nordstad) hunn d'Kanner vill flott sportlech Aktivitéite gemaach. D'Kiischt um Kuch war dunn nach eng **Talentshow**, bei där d'SchülerInnen virun engem begeeschterte Publikum, hir aussergewéinlech Talenter präsentéiert hunn (sangen, jongléiere mat 3 Bäll, Diabolo, Telleren op Bengelen dréinen, danzen, Theater/Sketcher, etc.)

Et huet eis immens gefreet, dass sou vill Elteren a Grousselteren op dësem speziellen Dag präsent waren, fir d'Kanner ze ënnerstëtzen an unzefeieren.

Fir dass dësen Ofschloss esou ee grousse Succès konnt ginn, wëlle mir gär jidderengem, deen op irgendeng Aart a Weis dozou bäigedroen huet, **MERCI** soen: dem Léierpersonal, dem Personal aus der Maison Relais, den Aarbechter an de Verantwortleche vun der Gemeng Tandel, souwéi de Sportsclibb, den Elteren an och natierlech eise Sponsoren!












## Wat steet als nächst um Programm:

**16. September**
Offréiere mir den Elteren Kaffi a Kuch
fir d'Rentrée an der Schoul

**13. November**
Invitéiere mir Eech op eis Assemblée générale

**30. November**
Si mir mat engem Stand op dem Niklosmaart
zu Baastenduerf

Weider flott *Bastel- a Liesnomëtteger* oder aner *intressant Aktivitéite* fir d'Kanner sinn och rëm geplangt. Mir halen Eech um Lafenden ...

Falls dir als Elteren, Grousselteren oder och är Kanner nach **Iddien** huet, wat mir als Elterevereenegung nach ubidde kënnen, dann schreift eis gär eng E-Mail oder schwätzt eis direkt un, mir sinn oppe fir all Inspiratioun oder Wonsch.

## Zum Schluss nach ee wichtegen Opruff:

**Mir sichen Eech!**

Léif Elteren, als klengt awer dynamescht Team brauche mir **aktiv HËLLEF** an der Tandeler Eltereverееnegung. Wëll Dir mat eis zesumme flott Fester an Aktivitéite fir eis Kanner plangen an organiséieren, an hëllefen se ëmzesetzen, da gitt **MEMBER** an eisem **COMITÉ**. Zousätzlech siche mir awer och *motivéiert Leit, Elteren, Grousselteren, Monnien an Tatta'en, Noperen a Frënn*, déi eis eng Hand mat upaken; sief et zum Beispill beim Op- an Ofriichte vun eisen Aktivitéiten (wéi ënnert anerem dem Schoulfest), oder einfach mat engem leckere Kuch fir eis Kanner, an awer natierlech och mat engem DON op eise Konto

**LU89 0019 5355 2688 0000** oder duerch d'Scanne vu follgendem **QR Payconiq Code:**

Payez mobile avec
payconiq

**ALL Form vun ËNNERSTËTZUNG ass WËLLKOMM!**
Mellt Eech einfach per E-Mail (**apeepp.tandel@gmail.com**) oder schwätzt eis direkt un.

Villmols Merci!

WAT ASS LASS

# JUGEND FC 47

## Saison 2024-2025

Trainingsoptakt -> Ab September

| | |
|---|---|
| BAMBINIS U7 | 2018-2019 |
| PUPILLES U9 | 2016-2017 |
| POUSSINS U11 | 2014-2015 |
| MINIMES U13 | 2012-2013 |
| SCOLAIRES U15 | 2010-2011 |
| CADTES U17 | 2008-2009 |





**Wieder Infoen op**

www.fc47bastendorf.lu

FC 47 Bastendorf











# FURENER DAG

## Samsdeg den 21. September 2024



All aktuell a fréier Awunner mat hire Partner sinn invitéiert, sech
**Samsdes, den 21. September 2024**
fir den zweete Furener Dag an hirem Heemechtsduerf ze treffen
an e puer schéiner Stonne mateneen ze verbréngen.

No enger Mass an der Furener Kierch um **10 Auer** an duerno,
je no Wieder, engem kuerze Spadséiergang duerch Furen,
komme mir all an der aler Gemeng zu Furen zesummen,
wou d'Gemeng op e Patt invitéiert.

Mir treffen eis **um 13.00 am Restaurant FAUST**
zu Longsduerf fir d'Mëttegiessen.

Um Programm stinn am Nomëtteg e.a. Live-Musek
an eng Präsentatioun vun ale Fotoe vu Furen a senge Leit.

Hutt Dir nach al interessant Fotoen,
kënnt Dir déi iwwert d'Email-Adress:

ydbord@pt.lu (Yves Desbordes) eraschécken.

Umelle kënnt Dir Iech vun elo un a bis spéitstens de 14. September
duerch Iwwerweise vu **75 € pro Persoun** fir d'Iessen (ouni Gedrénks)
op de Kont vum SI Furen bei der CCRA:


**LU69 0090 0000 0427 7430** (Vermierk: „Furener Dag").

Fir weider Informatiounen:

621 565 119 jpkarpen@pt.lu (Jean-Paul Karpen)
621 261 298 nmuller1@pt.lu (Nico Muller)


SCHUBB-K RENNEN
DEN 22. SEPTEMBER ZU WALSDUERF
LANDJUGEND FUREN
Ierpeldenger Weier
ÉTANGS DE PÊCHE
RESTAURANT
Hinkels
Baacher
CAMPING BLEESBRUCK
lalux
ASSURANCES
DKV
Luxembourg
Agence Générale
Yves DESBORDES
124, Grand-Rue
L-9411 VIANDEN
Tel : 83 48 30 / 621 27 66 87

WAT ASS LASS


FÊTE MÉDIÉVALE
CHÂTEAU DE BRANDENBOURG
DIMANCHE 22 SEPTEMBRE
ENTRÉE LIBRE DE 10H - 20H


FC 47
BAASTENDUERF
BOUNEFEST
6 OKTOBER 2024
ZU BAASTENDUERF
AM GEMENGESALL
JUDD MAT
GAARDEBOUNEN A
SPECKGROMEPEREN
SCHWÉNGSHAX MAT
